

**Mercredi,
15 octobre 2008**

Dépôt, à la demande de Monsieur Nicolas Schmit, Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration, le 12.09.2008

5916 - Projet de loi relative à l'élargissement des compétences des agents municipaux et portant modification de la loi communale du 13 décembre 1988, du Code pénal et des dispositions législatives concernant les gardes champêtres

Dépôt: Monsieur Luc Frieden, Ministre de la Justice, Monsieur Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire, le 16.09.2008

5917 - Projet de règlement grand-ducal modifiant le règlement grand-ducal du 7 octobre 2004 concernant la participation du Luxembourg à la mission ALTHEA de l'Union européenne en Bosnie-Herzégovine

Dépôt, à la demande de Monsieur Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Défense, le 17.09.2008

5918 - Projet de règlement grand-ducal modifiant le règlement grand-ducal du 18 décembre 2007 concernant la participation du Luxembourg à l'opération militaire de l'Union européenne (EUFOR Tchad/RCA) en soutien de la Mission des Nations Unies au Tchad et en République centrafricaine (MINURCAT)

Dépôt, à la demande de Monsieur Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Défense, le 17.09.2008

5919 - Projet de règlement grand-ducal modifiant le règlement grand-ducal modifié du 13 septembre 2006 concernant la participation du Luxembourg au renforcement de la Force Intérimaire des Nations Unies au Liban (FINUL)

Dépôt, à la demande de Monsieur Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Défense, le 17.09.2008

5920 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 21 juin 1999 autorisant l'Etat à participer au financement de la modernisation, de l'aménagement ou de la construction de certains établissements hospitaliers

Dépôt: Monsieur Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé, le 19.09.2008

5921 - Projet de loi ayant pour objet la transposition de la directive 2005/36 pour ce qui est a. du régime général de reconnaissance des titres de formation et des qualifications professionnelles b. de la prestation temporaire de service

Dépôt: Monsieur François Biltgen, Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche, le 19.09.2008

5922 - Projet de règlement grand-ducal relatif à la participation du Luxembourg à la mission d'observation de l'Union européenne en Géorgie (EUMM Georgia)

Dépôt, à la demande de Monsieur Nicolas Schmit, Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration, le 22.09.2008

5923 - Projet de loi relative à l'application du principe de reconnaissance mutuelle aux sanctions pécuniaires

Dépôt: Monsieur Luc Frieden, Ministre de la Justice, le 25.09.2008

5900 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2009

Dépôt: Monsieur Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget, le 01.10.2008

5924 - Projet de loi portant modification - de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu; - de la loi modifiée du 16 octobre 1934 sur l'évaluation des biens et valeurs; - de la loi modifiée du 1^{er} décembre 1936 sur l'impôt commercial communal; - de la loi modifiée du 23 décembre 2005 portant introduction d'une retenue à la source libératoire sur certains intérêts produits par l'épargne mobilière; - de la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d'une bonification d'impôt sur le revenu en cas d'embauche de chômeurs; - de la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes, des droits d'accise sur l'eau-de-vie et des cotisations d'assurance sociale; - de la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'administration des contributions directes; - de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur bancaire; - de la loi modifiée du 22 décembre 2006 promouvant le maintien dans l'emploi et définissant des mesures spéciales en matière de sécurité sociale et de politique de l'environnement; - de la loi modifiée du 9 juillet 1937 concernant l'impôt sur les assurances; - de la loi modifiée du 21 avril 1928

sur les associations et les fondations sans but lucratif

Dépôt: Monsieur Jean-Claude Juncker, Ministre des Finances, le 01.10.2008

5925 - Projet de loi portant modification: 1. de la loi modifiée du 15 décembre 1993 déterminant le cadre du personnel des administrations, des services et des juridictions de la sécurité sociale, et 2. de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'Etat

Dépôt: Monsieur Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé, Monsieur Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale, le 02.10.2008

5926 - Projet de règlement grand-ducal 1. relatif aux prescriptions minimales de sécurité et de santé relatives à l'exposition des salariés aux risques dus aux agents physiques (rayonnements optiques artificiels et au rayonnement solaire) 2. portant modification du règlement grand-ducal modifié du 17 juin 1997 concernant la périodicité des examens médicaux en matière de médecine de travail

Dépôt, à la demande de Monsieur François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi, le 02.10.2008

5927 - Projet de loi portant création de l'établissement public «Centre Hospitalier du Nord»

Dépôt: Monsieur Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé, Monsieur Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale, le 06.10.2008

5929 - Projet de loi portant approbation du Traité sur le droit des marques, fait à Genève le 27 octobre 1994

Dépôt: Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 06.10.2008

5930 - Projet de loi portant approbation de l'Acte de Genève de l'Arrangement de La Haye concernant l'enregistrement international des dessins et modèles industriels, adopté à Genève le 2 juillet 1999

Dépôt: Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 06.10.2008

5931 - Projet de règlement grand-ducal modifiant le règlement grand-ducal du 30 juillet 2002 concernant la protection de la santé et de la sécurité des travailleurs contre les risques liés à des agents chimiques sur le lieu de travail

Dépôt, à la demande de Monsieur François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi, le 08.10.2008

5933 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux d'agrandissement et d'assainissement de la décharge pour déchets ménagers et assimilés et des ouvrages techniques annexes du SIGRE

Dépôt: Monsieur Lucien Lux, Ministre de l'Environnement, le 13.10.2008

Mir hunn eng Question urgente gehat vum honorabelen Här Adam iwwert d'Schied, déi während der Renovation vum Îlot A ageprüte sinn. D'Regierung huet sech bereet erklärert, direkt op déi Fro ze äntworten. Dofir kann den Här Adam déi elo virdroen an den Här Wiseler äntwert direkt drop.

3. Question urgente N°2897 de M. Claude Adam relative aux dégâts apparus lors des projets de rénovation de l'îlot A

» M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).- Merci, Här President. Dir hutt et scho gesot, am Kader vun de Renovationprojekte sinn um Îlot A Bauarbechten u verschidene Bauwicker, déi an der rue Wiltheim situéiert sinn an wou d'Section des Arts décoratifs Arts & traditions populaires vum Musée national d'histoire et d'art énnerbruecht sinn.

Do si scho länger Zäit Aarbechten amgaang a mengen Informatiouen no ass et an der Lescht do zu seriöe Schied komm. Et gesäit aus wéi wann do verschidde Saache géifen zesummeafalen. D'Sécherheet wier net méi assuréiert an et wier och souguer dervu geschwatt ginn, fir mussen d'Lokaler ze evakuéieren.

An deem Kontext wollt ech wéssen, Här Minister: Kéint Der mer déi Informatioune confirméieren? Wa jo, wéi grouss sinn déi Schied? Wat ass d'Envergure vun deen Schied? Wéi eng Moossname sinn do virge-

sinn, fir dat doten erém an d'Rei ze setzen? Gëtt et ee Schëllegen, a wa jo, wéi eng Konsequenzen huet dat doten?

Merci.

» M. le Président.- Merci, Här Adam. Den Här Bauteminister Claude Wiseler, wann ech gelift.

» M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics.- Merci, Här President. Ech kann dem Här Adam seng Ausso zum Deel confirméieren. Den Här Adam huet Recht, wann hie seet, datt an der leschter Woch eng Rei Problemer opgedaucht sinn an den Haiser 8 bis 12 vun der rue Wiltheim. Dat ass a sech d'Annex vum Musée, net dat neit Gebai, mä déi eeler Haiser, déi vis-à-vis sinn.

Em wat fir eng Problemer handelt et sech? Nodeem datt d'Personal Vibratiounen am Haus festgestallt huet, ass eng Kontroll do gemaach ginn. Et ass festgestallt ginn, datt am Keller aus dem Gewöllef Speis an e puer kleng Steng erausgefalle waren, datt e puer Käfferen aus der aler Charpente vermuuscht sinn. Déi Charpente ass awer elo schonn zu engem ganz groussen Deel fréisch gemaach ginn, esou datt et keng Stabilitätsproblemer duerstellt. An e puer héltze Puttere si gerass. Och dat stellt awer kee Problem duer, well d'Bétonsdallé schonn op deene Plazen nei agezu waren.

Souwuel de Fonds de Rénovation de la Vieille Ville wéi d'Administration des Bâtiments publics ware sur place, fir sech dat unzekucken. D'escht Woch ass och op Recommandatioun oder op Avis vun de Bâtiments publics déi Sektion vum Musée, déi direkt hei betraff war, direkt e Freideg och zougemaach ginn. Dat, well mer e Freideg den Owend d'Nuit des musées haten a well mer alleguer wollte sécher sinn, datt net dee mindeste Risque do wär.

Et handelt sech also hei ém d'Section des Arts décoratifs Arts & traditions populaires vum Musée, dat wat een am létzebuerger Volksgebrauch „Folklorsektioun“ nennt, déi also momentan net op ass. Dat huet awer keng Influenz op de Fonctionnement vum Rescht vum Musée. E groussen Deel vun de Saachen, déi sech an d'r Sektion befonnt hunn, sinn och an der Zwëschenzäit schonn do ewechgeholl ginn.

De Fonds de Rénovation de la Vieille Ville huet direkt en Ingenieursbüro op deen Dossier gesat, fir ze kucken, wat dann elo déi réell Problemer effektiiv si respektiv ob eng Gefor do existéiert. Et sinn eng Rei Témoinen, déi gesat ginn. D'Observatiounen wäerten an deenen nächsten eng bis zwou Woche gemaach ginn, esou datt mer déi éischt Resultater wäerte spéitstens a 14 Deeg hunn.

Op Basis vun d'r éischter Analys stellt sech eraus, datt wahrscheinlech keng gréisser Problemer do sinn, mä ech sinn awer émmer virsiichteg mat deenen Aussoen. Dofir wäert och déi Sektion zoubleiwen, bis mer déi definitiv Resultater hunn. Dann décidéiere mer eréischt, ob se opgemaach gëtt oder ob se net erém opgemaach gëtt.

Do, wou den Här Adam net Recht huet mat senger Ausso, dat ass, datt et sech basiert op Aarbechten, déi momentan géife gemaach ginn an deem Quartier, well keng Aarbechte sät zwee, dräi Joer an deem Quartier do gemaach ginn. Déi Relationen, déi ee kann - vläicht, wann ee wéllt - maachen, dat sinn Aarbechten, déi virun zwee, dräi Joer am Quartier gemaach gi sinn, wéi den Îlot A respektiv de Conseil d'Etat fréisch gemaach ginn ass.

Wat awer elo d'Grénn vun deene Problemer hei sinn, ass momentan net festzstellen: Handelt et sech ém eng direkt Relationen zwéischen deen Chantier vu virun zwee, dräi Joer? Handelt et sech ém eng Surcharge op deenen eenzelne Stäck? Oder ass et en anere Grond? Dat kënne mer momentan net soen. D'Analys wäert dat feststellen. An d'Analys, déi mer dann an enger, zwou Woche kréien, wäert eis och soen, wat fir eng Aarbechte mussen do gemaach ginn, wann der musse gemaach ginn, a wéini mer erém kënnen opmaachen.

Merci.

» M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen dann zum éischt Punkt vun eissem Ordre du jour vun haut de Mëttig. Dat ass de Second vote constitutionnel iwwert d'Proposition de révision vum Artikel 10 vun der Verfassung. Den 30. Abrëll hat d'Chamber eng éischt Kéier heiriwwer ofgestëmmt. Et siegf drop higewisen, dass laut Artikel 114 vun der Verfassung eng qualifiéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen erfuerdet ass an datt de Vote par procuration hei net erlaabt ass.

Wéllt nach een d'Wuert zu déser Proposition ergräifen?

Den honorabelen Här Meyers, wann ech gelift.

4. 5595 - Proposition de révision de l'article 10 de la Constitution - Second vote constitutionnel

» M. Paul-Henri Meyers (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, esou wéi de President dat elo gesot huet, huet d'Chamber den 30. Abrëll vun dësem Joer an engem éischt Vote eestëmmeg d'Revision vun den Artikelen 9 an 10 vun der Verfassung ugehol. Haut soll also d'Chamber deen zweete Vote virhuelen, esou wéi dat am Artikel 114 vun eiser Verfassung virgesinn ass.

Här President, ech kommen net méi op de Fong vun der Diskussiouen zréck. Fir just ze rappeléieren: Déi wesentlech Ännérung vun den Artikelen 9 an 10 vun der Verfassung besteet doranner, dass an Zukunft déi Lëtzebuerger Nationalitéit bei der Naturalisatioun net méi duerch eng Entscheidung vun der Chamber, dat heesch duerch e Gesetz, mä duerch eng administrativ Entscheidung vum zoustännege Minister geholl gëtt.

D'Verfassungsänderung vun den Artikelen 9 an 10 ass dofir eng Viraussetzung fir de Vote vun deem neien Nationalitéitgesetz, wat mer haut de Mëttig solle stëmmen. D'Revision vun den Artikelen 9 an 10 vun der Verfassung an d'Gesetz iwwert d'Lëtzebuerger Nationalitéit stelle juristesches gesinn am Fong geholl eng Eenheet duer a müssen dofir zesummen a Krafft trieden, fir ze vermeiden, dass ee juristesche Vide géif entstoen téschent dem Vote vun der Verfassungsänderung an dem Akraaftrieb vum Nationalitéitgesetz.

De Statsrot huet op déi Problemer higewisen. Den Artikel 4 vum Nationalitéitgesetz gesäit vir, dass dat Gesetz den éischt Dag vum drëtte Mount nom Veröffentlechen am Mémorial a Krafft trëtt. Wann also den Text haut gestëmmt gëtt, an e kann dëse Mount am Mémorial veröffentlicht ginn, da wier dat den 1. Januar 2009.

Wann d'Verfassungsänderung vun den Artikelen 9 an 10 haut an deem zweete Vote ugehol gëtt, da kann awer no der Promulgatioun an der Sanktioun vun deen Ännérungen duerch de Grand-Duc d'Verfassungsänderung selwer eréischt Enn Dezember am Mémorial veröffentlicht ginn, well do d'Akraaftrieb dräi Deeg no der Publikatioun stattfënnt.

Ech wollt hei op déi Situations opmierksam maachen, fir ze vermeiden, dass dat géif antriédien, wat de Conseil d'Etat a sengem Avis och opgeworf huet. Fir de Rescht géif ech awer d'Chamber bidden, an deem zweete Vote deene Verfassungsänderunge vum Artikel 9 an 10 hir Zoustëmmung ze ginn.

» M. le Président.- Merci, Här Meyers. Déi honorabel Madame Flesch huet d'Wuert nach gefrot. Madame Flesch, wann ech gelift.

Discussion générale

» Mme Colette Flesch (DP).- Här President, léif Kolleggen, zu den Texter vun der Ännérung vun der Verfassung ass náischt méi ze soen. Dat ass alles gesot gi bei der leschter Diskussiouen den 30. Abrëll. Mä ech wéilt op dat insistéieren, wat den Här Meyers elo just virgedroen huet.

Wa mer wéllen, dass mer net ouni Base juridique si bei den Naturalisatiounen - an et sinn nach eng ganz Partie Naturalisatiounen an der Pipeline -, wa mer also wéllen, kënnen mer déi Naturalisatiounen nach duerchexecieréieren an deene Leit entgéintkommen, déi hir Demandé gemaach hunn, déi hiren Dossier zesummegestellt hu virum Enn vum Joer, dann däerf déi Modifikatioun vun der Constitutioun, déi elo gestëmmt gëtt bei den Artikelen 9 an 10, net publiziéiert gi bis Enn Dezember. Soss fale mer an e Vide juridique an da kënne mer dat net méi maachen, well

dat neit Gesetz nach net gëllt, a well mer dann d'Base juridique verluer hätten, fir no deem ale Gesetz ze operéieren.

Also mäi Plädoyer a meng Demande un d'Regierung ass, wa mer d'Nationalitége-setz duerno gestëmmt hunn, soll een dat publizéieren esou séier wéi méiglech, fir dass et kann „le premier jour du troisième mois après sa publication“ a Krafft trieden, mä et soll een déi zwou Ännérungen, déi mer elo stëmmen, net am Mémorial publi-zéiere bis Enn Dezember, fir dass dee Pro-blem net optaucht, deen den Här Meyers schonn opgeworf huet an deen ech elo op eng méi, wéi soll ech soen, brutal Aart a Weis duergeluecht hunn.

Dofir mäin Appel un d'Regierung, dass mer zesumme versichen - a mer haten den 30. Abrëll an der Diskussioun schonn op déi Problematik opmierksam gemaach -, eng Léisung ze fannen. Et ass just, dass mer elo dat Auermécherswierk mussen duerch-zéien, dass et ons erlaabt, nach déi Deman-den ze traitéieren, déi souzesoe fäerdeg sinn, dass mer eng Base juridique dofir hunn an dass mer dann am Ufank vum nächste Joer op neie Grondlage kennen d'Gesetz applizéieren, esou wéi et wahr-scheinlech de Mëttég gestëmmt gëtt.

Här President, Merci.

M. le Président. - Ech soen lech Merci, Madame Flesch. Den honorabelen Här Bodry huet d'Wuert nach gefrot.

M. Alex Bodry (LSAP). - Jo, Här Presi-dent, ech brauch net dat ze widderhuelen, wat meng zwee Virriedner scho gesot hunn. Mir deelen déi Appréciatioun wat den Da-tum an den Zäitpunkt vun der Publikatioun vun där Verfassungsreform ugeet.

Ech wéll awer nach e Wuert zum Fong soen, well déi Verfassungsreform hei - also d'Abo-litioun vum Artikel 10 an d'Modifikatioun vum Artikel 9 - awer an eisen Aen de Wee elo fräi mécht fir ee vun de wesentlechen Aspekte vun der Reform iwwert d'Lëtze-buerger Nationalitéit.

Et geet drëm, dass mer eigentlech mat en-ger Anomalie Schluss maachen, déi zénter laange Joren hei zu Lëtzebuerg bestanen huet, déi nach just an e puer anere Länner an Europa iwwerhaapt besteet. Dat ass déi, dass et eng souverän Décisioun vum Parla-ment ass, déi net ka virun de Geriichter at-tackéiert ginn, déi haut décidiéert, ob een iwwer Naturaliséierung d'Lëtzebuerg Na-tionalitéit kritt oder net.

Dat ass an engem Rechtsstat an eisen Aen net normal. Duerfir ass et wichteg, dass mer deen heite Schratt maachen, dass mer iwwert de Wee vun der Ännérung vun der Ver-fassung d'Bunn fräi maache fir eng Rechts-kontroll anzeféieren, iwwer eis administrativ Geriichter, wat d'Froe vun der Acquisitioun vun der Lëtzebuerg Nationalitéit ugeet, wou et also elo net méi eng politesch Décisioun ass am Endeffekt, déi doriwwer décidiéert, wie Lëtzebuerg gëtt a wien net, mä dass dat u sech eng administrativ Décisioun gëtt, wou onofhängeg Geriichter kennen dat kontrolléieren.

Dat schéngt fir eis en immens wichtige Fortschrëtt ze sinn.

Une voix. - Très bien!

M. le Président. - Merci, Här Bodry. Mir kommen dann zum Vote vun dëser Pro-positioun de révision. Dir wësst, dass de Vote par procuration net erlaabt ass.

Second vote constitutionnel

D'Proposition de révision 5595 ass mat 55 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a ken-ger Abstentioun, am Second vote constitu-tionnel ugeholl ginn.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Ali Kaeß, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Casteg-naro, Mme Claudia Dall'Agno, M. Fernand Diederich, Mme Lydia Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schnei-der, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira et Henri Kox;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koopp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

5. 5672 - Proposition de ré-vision de l'article 9, alinéa 1^{er} de la Constitution - Second vote constitutionnel

Mir kommen dann zur Proposition de révi-sion vum Artikel 9 vun der Verfassung. Hei gëllen déiselwecht Bestëmmungen. Freet heizou nach een d'Wuert?

(Négation)

Dat ass net de Fall. Da komme mer och hei zum Vote.

Second vote constitutionnel

D'Proposition de révision 5672 ass mat 55 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a ken-ger Abstentioun, am Second vote constitu-tionnel ugeholl ginn.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Ali Kaeß, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Casteg-naro, Mme Claudia Dall'Agno, M. Fernand Diederich, Mme Lydia Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schnei-der, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira et Henri Kox;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koopp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 5842 iwwert d'Finanzplaz Lëtzebuerg. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Meisch, den Här Fayot an den Här Gibéryen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Thiel.

6. 5842 - Projet de loi portant amélioration du cadre lé-gislatif de la place financière de Luxembourg et modifiant

- les dispositions concernant les lettres de gage dans la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier

- la loi modifiée du 15 juin 2004 relative à la société d'in-vestissement en capital à risque (SICAR)

- la loi modifiée du 23 dé-cembre 1998 portant création d'une commission de sur-villance du secteur financier

- la loi modifiée du 23 dé-cembre 1998 relative au sta-tut monétaire et à la Banque centrale du Luxembourg

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur. - Merci, Här President. Dee Projet, iwwert dee

mir elo befanne sollen, ass schonn eppes Besonnesches, well iert hien iwwerhaapt hei an der Plénière zur Sprooch komm ass, hat hie scho gejéngert.

Wéi Der an de Chambersdokumenter konnt liesen, goun et bei dësem Gesetzesprojet, mat deem dee legislative Kader vun eiser Finanzplaz an eenzelne Punkte verbessert soll ginn, am Ufank ém zwee Themekreeser mat all Kéiers zwee Voleuten. Mä net méi spéit wéi d'lescht Woch koum dunn nach en drëtte Sujet derbäi. Wéinst senger Dréng-lechkeet gouf deen am Schnellverfahren op den Originaltext dropgepräfft an duerch d'Instanzen gejot, esou datt mir elo e Projet mat fénnef verschidde Sujeten hunn, déi de Rapporteur an däi kuerzer Zäit, déi him zur Verfügung steet, dësem héijen Haus méi no bréngt wéllt, fir datt et en connaissance de cause jugéieren an décidiéiere kann.

Deen éischte Volet befasst sech mat zwee Finanzprodukte, déi längst zu de Speziali-téite vun eiser Platz gehéieren an déi dank de Verbesserungen, déi hei virgeschloë ginn, nach e bësse méi maartgerecht a méi attraktiv gi sollen. Dorunner ännert och déi aktuell Finanzkris näischt, am Contraire.

Beim éischte Produkt geet et ém déi sougne-nante Pfandbréiwer oder Lettres de gage, déi am Gesetz vum 21. November '97 bei eis agefouert goufen an déi am Ablack vu fénnef spezialiséierte Banken hei verdriwwen ginn. Dës Pfandbréiwer zeechne sech do-duerch aus, datt si besonnesch zolidd sinn, well si duerch éischtklassé Garantien of-gedeckt sinn. Dat setzt énnier anerem och viraus, datt si net vun eisen traditionellen Universalbanken, mä vu speziellen „Banques des missions de lettres de gage“ kommerzialiséiert ginn.

D'Pfandbréiwer baséieren op engem einfachen Hypothéikeprinzip, dee sengerzäit de Fritz de Groussen agefouert huet fir senge Landjunker zu Barem ze verhëllefen, andeem si hir Lännereie konnte verpfänden. Déi Buedemgebonnenheit erkläert och, firwat laang Zäit d'Pfandbréiwer némmen am Land selwer an net iwwert d'Grenzen ewech gehandelt konnte ginn.

Mä just déi geographesch Barrière ass mat eisem Gesetz vu '97 ewechgeraumt ginn. Domat gouf de Wee fräi gemaach fir de grenziwerschreidende Pfandbréifhandel, mat deem sech virun allem öffentlech Kollektivitéiten, déi jo am Prinzip net kénne faille goen, uechtert d'Welt finanzéieren.

Déi fénnef Pfandbréifbanke bei eis haten Enn Juli 35 Milliarden Euro Kreditter an hire Bicher stoen, wat engem Undeel vu 5% vun allen Engagemerter vun der Plaz ent-spricht. Schon eleng dat justifiéert wuel, datt een dat Instrument soignéiert a vun Zäit zu Zäit erém op Héichglanz wächst.

Dat soll elo mat dësem Gesetz geschéien, dat énnier anerem niewent de Pfandbréiwer, déi entweder duerch eng öffentlech Kollektivitéit wéi Gemengen oder Regionen oder duerch ugemiessen Hypothéiken ofgedeckt sinn, och déi Pfandbréiwer unerkennt, deenen hir Garantien aus natierlich bétontséchere Wäertpabeiere bestinn.

Ausserdem soll et an Zukunft méiglech sinn, och iwwer Succursalen, oder op Däitsch Niederlassungen, Pfandbréiwer uechtert d'ganz OCDE ze vermaarten, wat allerdéngs den etabléierten Instituter, déi all als S.A., dat heescht als voll Lëtzebuerg Gesellschafe bei eis fonctionnéieren, net esou richteg schmaacht. Si musse sech elo mat däri neier Konkurrenz ufrënnen, déi schonns an de Startlächer stéet fir de Maart vu Lëtzebuerg aus opzehuelen.

Zweete Volet vun der Produktverbesserung: d'SICARen; fir den Normalstierfleche Société d'investissement en capital à risque. Dëse Finanzvehikel, deen de Législateur viru véier Joer lancéiert huet, ass zu enger vun deene séllechen „success stories“ vun der Plaz ginn.

Entre-temps si bei der CSSF iwwer 200 SICARen enregistréiert, wat beweist, datt de Maart op dëst Instrument gewaart hat an datt et eng gutt Iddi war, fir nieft deenen üblechen Investmentfongen, déi fir de Grand public geduecht an duerfir entspriechend encadréiert a reglementéiert sinn, och e Vehikel ze schafen, deen op de sou-genannten Investisseur averti, also souze-soen op d'Profien énnert den Investisseur zuugeschnidden ass.

Déi énnerscheede sech jo doduerch vum normale Fongeclient, datt si amstand sinn, d'Risiken ofzeweien, wa se a méi gewote Fongen aklammen, an déi dofir net déisel-wecht Protektion brauchen, wéi e gewéin-lechen Investisseur. Och hei ginn, geneé wéi bei de Pfandbréiwer, opgrond vun der Erfahrung an der Praxis eng Rétsch Korrek-ture virgeholl. Virun allem awer gëtt elo och déi Gesellschaftsform zougelooss, déi sech am beschte fir esou en Instrument eegent,

nämlech d'Société en commandite simple, déi bis dohinner némme mat fixem an net mat variablem Kapital fonctionnéiere konnt.

Doriwwer eraus däerde vun elo un och d'Souscriptionspromen an d'Gesellschaftskapital agerecent ginn, an d'SICARe kénne sech a méi Kompartimenter opsplécken, wéi dat scho laang de Fall fir hir Schwesterprodukte aus der Fongefamill ass. Dat alles soll d'SICAR nach méi attraktiv maachen an domat eiser Platz hir Avance op d'Konkurrenz an däi hir Produkter ofsécheren oder souguer nach ausbauen.

Deen zweete Reformblock vun dësem Ge-setz bezitt sech op déi Institutionen, déi eis Finanzplaz encadréieren, dat heescht en-gersäits d'Zentralbank an anerersäits d'Iw-erwaachungskomission CSSF an och den Assurancékommissariat. Och hei geet et ém déi eng oder aner liicht Modifikatioun, wéi zum Beispill ém d'Upassung un déi an der Tëschenzäit festgeluechte Regele fir d'Établissements publics an un de Statut vun de Statsbeamten. Dat ass fir d'CSSF de Fall.

Et geet ém d'Erlaabnes fir d'Zentralbank, fir periodesch hir Reserven an hiert Kapital ze intégréieren, fir eventuell Participatiounen an öffentlechen oder och a privaten Entre-prisen ze huelen, a souguer, an exception-nellé Fäll, Banken, déi a Liquiditéitschwierigkeiten gerode sinn, mat Barem énnert d'Aerm ze gräifen. Datt dat alt virkënnt, wësse mer jo säit kuerzem. A schliesslech geet et och nach ém d'Zesummenaarbecht téschent deenen dräi Iwwerwaachungsinstanzen, déi noutgedränge jo och net an hi-rem Eck kénnen eleng fonctionnéieren.

Méi fundamentaler Natur awer sinn déi zwou Froen, déi och mat dësem Gesetz ge-léist ginn, nämlech engersäits d'Kompe-tenzopdeelung téschent CSSF an Zentralbank, an anerersäits d'Schafung vun enger legaler Basis fir déi Regelen, déi déi zwou Instanzen hire Schützlingen, also de Ban-ken an anere Finanzprofien, imposéieren.

Bei der Kompetenzopdeelung ass et elo kloer, datt d'CSSF all d'Finanzacteuren, aus-ser den Assurancen, kontrolléiert an dofir vun deene mat allem méiglechen Zuelema-terial muss gefiddert ginn. Dat ass eigent-lech násicht Neies. D'Zentralbank hirersäits ass fir d'Liquiditéitsfroen, also fir d'Versuergé vun de Banke mat barem Geld zoustänneg, an ass dofir och op d'Informa-tionen aus de Banken ugewisent.

Et ass net esou, wéi d'Chambre de Com-merce an hirem Avis geschriwwen hat, datt d'Bankekontroll duerch déi zwou Instanzen zugläich, an zwar „sous l'égide de la Banque centrale“, geschéie soll. A Wier-kechkeet kémmt jiddfere sech ém seng Missiouen, och wann et gewëssen Iwwer-schneidunge bei deene Missioune gëtt an dofir eng Zesummenaarbecht téschent Zen-tralbank an CSSF onémgänglech ass.

Op d'mannst esou wichteg wéi dës Clarifi-catioun awer ass wuel, datt mat dësem Ge-setz d'Richtlinnen an d'Oploen, déi d'CSSF an d'Zentralbank de Finanzacteure maachen, elo endlech op e séchere legale Buedem gestallt ginn. Béid Ariichtunge sinn nach relativ nei am Land an hunn dofir hire Wee an de konstitutionelle Kader vun eisem Stat nach net esou richteg fonnt. Dat huet an der Vergaangenheit émmer erém zu Reiwereie mam Statsrot gefouert, deen, wuel zu Recht, drop higewisen huet, datt d'Circulairen an aner Edikter vun CSSF an Zentralbank eigentlech keng gesetzlech Krafft dierften hunn, well déi zwou Instanze méi oder wéineger ausserhalb vun der Ge-setzesmaschinerie funktionnéiere géifen.

Fir deem opzehöllefen, kréien d'Zentralbank an d'CSV...

(Interruptions)

D'CSSF, pardon!

(Hilarité)

Et wär ganz schéin, lauschtert, wat elo kénnt...

Fir deem opzehöllefen, kréien d'Zentralbank an d'CSSF elo ganz offiziell d'Recht, an hi-rem jeeweilege Beräich verbindlech Rege-len - an Dir hutt lech ze fréi gefreet -, ver-bindlech Regele, assortéiert mat entspriechende Sanktiounen, ze imposéieren, an zwar an der Form vu Reglementen. Domat wier och déi leedlech Strätfro vun der legaler Kompetenz vun deenen zwou Instanzen ee fir allemol geléist.

Esou wäit dat, wat ursprénglech am Text vum Projet de loi stoung a wat dann och am grousse Ganze Gnod fonnt huet, souwuel an den Ae vum Statsrot wéi an deene vun der Europäescher Zentralbank. Esou wäit déi zwee genannte Gremien nach Bean-standungen haben, gouf hinne mat dräi Amendementer zum ursprénglechen Text Rechnung gedroen. Just en zweeten Avis